ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt deen 2014 ageweite Bëschkierfecht zu Keel mat senge begleedenden Infrastrukturaarbechten illegal erriicht gi wär, well déi néideg Geneemegungen net ugefrot gi wären. De Bëschkierfecht léich ausserdeem an Natura2000-Gebidder, souwuel am Hibléck op d'Habitat, ewéi och op de Vulleschutz, déi och nach als nationaalt Naturschutzgebitt aklasséiert wären.

Des Weideren wär de befestegten Haaptaccès esou ugeluecht ginn, datt een net op engem ëffentleche Wee eraus kënnt, mee op enger privater landwirtschaftlecher Parzell, esou datt de Proprietär sech genéidegt gefillt hätt, virun Allerhellegen den Accès op säin Terrain ze verspären.

An dësem Kontext hätt ech dës Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Kann d'Madamm Ëmweltministesch confirméieren, datt beim Bau vum Bëschkierfecht zu Keel, besonnesch och bei deenen néidegen Infrastrukturaarbechten, ewéi beispillsweis de befestegte Weeër, keng Naturschutzgeneemegungen ugefrot goufen? Wéi e Statutt hunn déi betraffen Terrainen am Hibléck op de Schutz vun der Natur?
2. Wéi steet et mat deenen néidegen Impaktstudien op déi besoten Naturschutzgebidder?
3. Am Fall, wou Irregularitéite festgestallt goufen, ass den Dossier un de Parquet iwwermëttelt ginn?
4. Gëtt et eng Responsabilitéit an deem Dossier vun der zoustänneger Natur- a Bëschverwaltung? Wéi eng genee Zoustännegkeeten huet si an dësem Dossier? Wa Verstéiss vun der Säit vun der Verwaltung géint legal Dispositioune festgestallt goufen, hat dat administrativ, prozedural an/oder disziplinaresch Konsequenzen?
5. Wéi ass et ze erklären, datt d'Bëschverwaltung en Accès op e Bëschkierfecht esou geplangt huet, datt e sech zum gréissten Deel op engem privaten Terrain befënnt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten